pétange
MOTIVATION COMMUNE

Här Chris BERNARD
Gemengeconseiller

41, rue Jean Waxweiler

L-4783 PETANGE

Referenz : 2026.72479.SECR

Péiteng, den 29. Juli 2026

**Betreff: Är Froe vum 29. Juni 2026**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Guy Wagner - Tel.: 50 12 51 - 2013)

Här Chris Bernard,

An Ärem Bréif vum 29. Juni 2026 stellt Dir dem Schäfferot follgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Bei der Präsentatioun vum Här Arendt an der Gemengerotssëtzung vum 22.06.2026 am Punkt "Communications du collège des bourgmestre et échevins" ass et kloer ginn, datt Minett-Kompost viru wichtegen Erausfuerderunge steet an datt Investissementer néideg sinn, fir de Syndikat un d'gesetzlech Ufuerderungen an un d'Entwécklung vun de Bioofäll unzepassen.

Eis Partei ënnerstëtzt eng modern, nohalteg an transparent Offallwirtschaft. Gläichzäiteg si mir awer der Meenung, datt Investissmementer vu dëser Gréisst eng grëndlech Analys an eng transparent Begrënnung verlaangen. Eis Froe riichten sech dofir net géint d'Iddi vun enger Moderniséierung, mee géint d'Fro ob all Projet néideg ass, ob déi finanziell Belaaschtung gerechtfäerdegt ass an ob all méiglech Alternativen objektiv gepréift goufen.

E groussen Deel vun der Präsentatioun entsprecht dem Contenu vum Plan pluriannuel de financement (PPF). Präsentatioun hat vill technesch Begreffer an Chifferen.
Aktuell gëtt et eng ëffentlech Aussschreiwung (2026) vum Syndikat , mee ouni déi strategesch Erklärungen aus dem Virtrag.

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech Iech folgend Froe stellen:

1. Den Här Arendt huet erklärt, dat déi verschiddde Projeten duerch néi gesetzlech Ufuerderunge begrënnt si. Kéint den Här Arendt préziséieren wéi eng Investissementer gesetzlech obligatoresch sinn a wéi eng virun allem der Optimiséierung déngen?

2. Goufen alternativ Léisungen ënnersicht, déi manner deier gewiescht wieren? Wann jo, wéi eng? A firwat goufen déi net zeréckbebehalen?

3. Läit eng onofhängeg Etüd vir, déi d'Noutwendegkeet vun allen Investissementer confirméiert? Wann jo, aus wéi engem Joer ass des Etüd, a wou ass dëst ze fannen?

4. Beim Verwaltungsgebaier gouf vun engem Montant vu ronn 11 Milliounen Euro geschwat, wärend den aktuelle Projet schonn op ronn 14,66 Milliounen Euro klëmmt. Wéi erklärt den Här Arend, als Vertreider vun der Gemeng Péiteng, dës däitlech Käschteklamm nach virum Ufank vun de Bauaarbeschten?

5. Wéi eng Mesurë sinn virgesinn, fir weider Käschteiwwerschreidungen ze verhënneren?

6. Ass eng Wirtschaftlechkeetsanalys gemaach ginn, déi weist, no wéi ville Joren sech dës Investissementer amortiséieren?

7. Den Här Arendt sot, datt dës Investissementer net iwwer eng direkt Erhéijung vun den Tariffer finanzéiert solle ginn. A wéi engem Joer wärt d'Tariferhéijung kommen?

8. Wéi héisch misst d'Tarifikatioun fir d'Gemeng Péiteng eropgoen, fir dat den Syndikat seng Wirtschaftlechkeet ka behaalen? Wéi géif sech d'Belaaschtung op déi eenzel Haushalter nidderschloen?

9. Hunn déi heisch Investissementer an Reorganisatiounen eng Konsequenze fir aner Investissementet vun de Membergemengen?

10. Wéi vill nei Aarbeschtsplaze kommen no der Monderniséierung an Upassung dobai?

11. Wéi vill landwirtschaftlech Betriber hu schonn zougesot, dat behandlet Presswasser als Dünger ofzehulen?

12. Ass den Här Arendt bereet, all relevant Etüden, Wirtschaftlechkeetsanalysen an d'Käschtekontroll reegelméisseg de Membergemengen zougänglech ze maachen?

13. Den Här Arendt huet vill iwwer Kreeslafwirtschaft, Nohaltegkeet an Energievalorisatioun geschwat. Kéint den Här Arendt mat konkrete Chifferen noweisen, wéi grouss den ekologeschen a wirtschaftleche Gewënn vun dësen Investissementer wärt sinn, am Verglach zu de Käschte?

Mat Respekt,
Chris Bernard

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

D'Froen vun ärer Email vum 29. Juni 2026 falen net an d'Zoustännegkeet vum Schäfferot. D'Gemengeverwaltung huet är Froe betreffend de Gemengesyndikat un d'Verwaltung vum Minett-Kompost weidergeleet.

Mat fréndleche Gréiss,

De Gemengesekretär, De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 1 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi sur rendez-vous jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118